N°4544
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°4544 vum 28 Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

*1. Ginn d'Bierger:innen am Ufank vun der Prozedur systematesch an individuell doriwwer informéiert, wéi eng Dokumenter an Pièce fir d'Erneierung vun hirem Führerschäin néideg sinn?*

Et muss tëscht zwou Situatiounen ënnerscheet ginn: enger Erneierung wéinst dem Oflaf vun der Gültegkeet vum Dokument an enger altersbedéngter Erneierung.

Wann d'Dokument vum Führerschäin ofleeft, informéiert d'Société Nationale de Circulation Automobile (SNCA) déi betraffe Persounen déi zu Lëtzebuerg wunnen ongeféier ee Mount virum Oflaf schrëftlech. Dësem Schreiwe läit e Formulaire bäi, deen zesumme mat enger aktueller Passfoto bei der SNCA eragereecht muss ginn. D'Dokumenter kenne per Post oder perséinlech bei der SNCA eragereecht ginn.

Am Prinzip gëtt de Führerschäin ausgestallt, soubal d'Demande komplett ass an all déi néideg Pièce virleien. Bei enger kompletter Demande geschitt dat bannent maximal 14 Deeg.

Ab dem Alter vu 60 Joer, ginn d'Persounen zwee Méint am Virfeld informéiert an et ass zousätzlech e medezineschen Certificat anzereechen. Dësen Certificat muss vun engem Dokter ausgestallt ginn dee berechtegt ass zu Lëtzebuerg als Generalist an / oder als Fachdokter fir intern Medezin ze praktizéieren, an däerf net méi al wéi dräi Méint sinn. Dësen Certificat muss bestätegen, dass déi betraffe Persoun déi néideg kierperlech a psychesch Fäegkeeten fir d'Féieren vun engem Gefier huet.

Deemno, nëmme wann am medezineschen Certificat déi entspriechend Rubricken ugekräizt sinn, oder wann et Hiweiser op Virerkrankungen oder aner medezinesch Bemierkunge gëtt, kënnen zousätzlech Attester oder Ënnersichunge bei Spezialiste gefrot ginn.

*2. Wéi eng provisoresch Léisungen existéieren, wann e Führerschäin kuerz virum Oflaf steet an den Dossier nach net ofgeschloss ass, obwuel déi ugefrote Pièce am Delai agereecht goufen?*

De Code de la Route gesäit keng allgemeng provisoresch Verlängerung vun der Gültegkeet vun engem Führerschäin vir, wann den Dossier nach net ofgeschloss ass. D'Demande aleng huet deemno net als Konsequenz, dass de Führerschäin iwwer säin Oflafdatum eraus weider gülteg ass.

Et ass dofir wichteg, d'Erneierung mat Zäiten unzefroen an all déi erfuerderlech Dokumenter a Pièce komplett anzereechen. Et ka keng provisoresch Verlängerung ausgestallt ginn, nëmme well d'Demande agereecht gouf an den Dossier nach beaarbecht gëtt.

Am Fall vun engem geplangten Openthalt oder enger Rees am Ausland ass et ubruecht d'Demande esou fréi wéi méiglech ze maachen an drop opzepassen, dass de Führerschäin fir déi ganz Dauer vum Openthalt am Ausland nach gülteg ass, oder en ze erneieren, iert e fort fiert.

Lëtzebuerg, den 31 August 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes